Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Klimakiller in Windkraftanlagen" deen den 18. August um Zitt vun der Tagesschau publizéiert gouf, gëtt op eng Rei Probleemer bäi industrielle Wandanlagen higewisen. Deemno setzt de Fonctionnement vun dësen Apparater de massiven Asaz vu Schwefelhexafluorid SF6 viraus. Dem zitéierten Artikel no wierkt dës Substanz sech ronn 22.800 mol méi schiedlech op de Weltklima aus wéi Kuelendioxid a brauch circa 3.000 Joer fir sech an der Atmosphär ze zersetzen. Schonn am Kyotoprotokoll gouf eng Limitatioun vum Asaz vun SF6 festgeluecht, wat dozou gefouert huet, datt en a villen anere Beräicher konnt substituéiert ginn, net awer am Beräich vun industrielle Wandanlagen. Den Artikel verweist schliisslech drop, datt den Asaz an de Recycling vun SF6 an Däitschland dat aktuell eng vergläichbar Energiepolitik verfollegt wéi Lëtzebuerg, weder beim Bau vun neien Anlagen nach beim Ofbau vun eeleren Anlagen am néidege Mooss ka kontrolléiert ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Ass der Regierung dëse klimaschiedlechen Aspekt vun industrielle Wandanlage bekannt? Falls jo, wéi reagéiert si dorop?
2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi sech den Undeel vun SF6 an industrielle Wandanlagen zu Lëtzebuerg presentéiert an duerch wéi eng zoustänneg Instanzen dëse kontrolléiert an dokumentéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten